ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 28/02/2024

Rapport 3/24 vun der Sportskommissioun

Reunioun vum 26.02.2024 um 18:00 am Sall vum Gemengerot zu Téinten

Presenzen

Present	Net present
Arendt Benoît Kieffer Aloyse Lesch-Fanck Laure Lucas Patrick Mathias Heike Meyer Louis Reuter Pierre	Bausch Pele (entschëllegt) Brosius Thierry (net entschëllegt) Everad Thierry (entschëllegt) Reding Sam (entschëllegt)

Punkt 1: Dagesuerdnung

Op der Dagesuerdnung stoungen follgend Punkten:

- Echange mam Ben Ruppert (Accueil Bëschdref)
- Schnuppercours'en: Flyer Gemeng, Divers
- Nuit du Sport
- Divers

Punkt 2: Rapport vun der leschter Reunioun

De Rapport vun der leschter Reunioun gëtt unanime vun de Memberen ugeholl.

Helperknapp, 28/02/2024

Punkt 3: Ufro Collaboratioun Accueil intégré

De Benoît hat eng Ufro kritt vum Ben Ruppert, dem Responsabelen vum Accueil intégré fir Flüchtlingskanner an der Ganzdagesschoul zu Bëschdref. D' Iddi wär fir eemol an der Woch mat dëse Kanner an hiren Elteren Sport ze maachen zesummen mat de Bierger aus der Gemeng. Sou soll d' Integratioun vun dëse Leit gefërdert ginn. Ausserdeem soll der Sport hinnen eng gutt Ofwiesslung bidden.

Den Ben Ruppert war selwer an der Reunioun vum 26.02.2024 präsent fir der Sportskommissioun seng Iddi duerzeleeën: Den Encadrement géif vun 1-2 Mataarbechter vum Accueil gemaach ginn. Sie géifen sech och em den Transport këmmeren. Zu Miersch selwer, wou déi Läit am Creos-Gebäi ënnerbruecht sinn wär et zimmlech schwéier un eng Sportshal ze kommen. De Rôle vun der Sportskommissioun wär et fir Läit aus der Gemeng ze motivéieren matzemaachen. Et gëtt mat maximal 15 Kanner (Alter 3-12 Joer) mat 7-8 Famille gerechent. Et komme vill verschidde Sproochen a Fro.

D'Sportskommissioun proposéiert am Moment emol, dat déi Läit eventuell bei den Schnuppercours'en deelhuele kéinten a Funktioun vun de oppenen Platzen. Mer sinn emol sou verbliwwen, dat mer déi éischt Seancen vun de Schnuppercours'en ofwaarden (Undrang ?) an da kucken wat méiglech wär.

Den Benoît bleift mam Ben Ruppert a Kontakt an d' Kommissioun ass gewëllt dës Initiative ze ënnerstëtzen.

Punkt 4: Schnuppercours'en

D' Kommissioun hat beschloss fir an enger éischter Phase dräi Schnuppercours'en unzebidden an zwar Indiaca, Yoga a Laftreff fir Ufänger

- **Terminer**

  Indiaca: Samschdes vun 10:00-12:00 an der Sportshal

  Yoga: Dënschdes 19:30-21:00 E bëssen méi "doucen" Yoga
  Samschdes, 10:00-11:30 E bëssen méi "aktiven" Yoga

  Laftreff fir Ufänger: ee bis zweemol d' Woch, Detailer kommen nach

  All déi Cours'en fänken **Mëtt Abrëll** un bis zur Summervakanz. D' Terminer fir d' Hal an de Multisall sinn bei der Gemeng reservéiert.

- **Budget**

  D'Sportskommissioun huet een Budget fir Indiaca an Yoga opgestallt deen dann och den 14.02.2024 vum Schäfferot approuvéiert ginn ass. D'Kommissioun seet dem Schäfferot villmools Merci.

- **Reklamm**

  D'Sportskommissioun ass mam Service Communication a Verbindung fir d' Gestaltung vun de Flyer'en fir déi 3 Schnuppercours'en. Als éischt soll schonn Reklamm gemaach ginn op der Récksäit vum Flyer fir d' grouss Botz an der Gemeng deen Ufank Mäerz verdeelt gëtt. An der Versammlung sinn d'

Helperknapp, 28/02/2024

Propose fir d'Flyer'en gekuckt a korrigéiert ginn. D' Resultat gëtt dem Service Communication matgedeelt.

- **Assurance**
  D' Gemeng huet eis matgedeelt, dat d'Schnuppercours'en duerch d' Haftpflichtversécherung vun der Gemeng ofgedeckt sinn.

- **Weider Cours'en**
  - Danzveräin vun Bëschdref (Sam Reding)
  - Dëschtennis vun Biissen (Everad Thierry)
  - Special Olympics (Everad Thierry)

  D' Kommissioun ass awer der Meenung déi Aktivitéiten réischt am Hierscht virzegesinn.

Punkt 5: Hëllefen bei der Nuit du Sport den 08.06.2024

Mer sinn vum Tina Grohs kontaktéiert ginn wat sech em d' Organisatioun vun der Nuit du Sport këmmert. Hei soll eng éischt Infoversammlung Ufank Mäerz fir äis an d'Veräiner stattfannen. D'Kommissioun deelt dem Tina Grohs hir Disponibilitéiten mat.

Punkt 6: Sportleréierung

De Schäfferot huet eis matgedeelt dat d' Roll vun der Kommissioun doranner besteet een Avis zu der Lëscht mat den Ufroe vun de Sportler ze ginn. Esoubal d' Demande vun de Sportler op der Gemeng era sinn, kritt d' Kommissioun eng Lëscht mat den eenzelen Demande fir een Avis ze ginn op d' Demande valabel ass oder net.

De Schäfferot envisagéiert, wéi och vun der Sportskommissioun proposéiert, d' Sportleréierung den Owend vun der Nuit du Sport ze maachen an zwar no der Plage fixe géint 21 Auer. Duerno géif dann een Éierewäin offréiert ginn. D'Sportkommissioun freet sech just op dat net e bësse spéit gëtt wëll jo awer och Kanner geéiert ginn.

Ausserdeem huet d'Sportskommissioun sech Gedanke gemaacht mat wat fir enger Attraktioun een d'Sportleréierung respektive Nuit du Sport ofschléisse kéint.

Punkt 7: Verschiddenes

Déi Punkten ënner "Verschiddenes" sinn bei der Versammlung aus Mangel un Zäit net ugeschwat ginn.

1. **Internetsäit fir de Sport:** D' Iddi ass opkomm fir um Site vun der Gemeng Helperknapp eng Säit unzebidden wou all Sportsveräin aus der Gemeng sech presentéieren kann: Websäit, Email-Adressen, Kontakter, Trainingszäiten an -lokaler, speziell Eventer...

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 28/02/2024

Ze bemierken ass dat et esou eppes änleches schonn um Site gëtt an zwar ënnert dem Annuaire communal. Leider sinn d' Informatiounen vun den eenzelen Veräiner oft net komplett. De Schäfferot proposéiert dat d' Kommissioun bei de lokale Sportsveräiner nofreet wat fir eng Donnéeën si gären um Site vun der Gemeng hätten an de Service Communication kann déi dann um Site bäisetzen.

2. **Fit Kanner Miersch:** D' Kommissioun freet sech ob esou eng flott Initiative net och an der Gemeng Helperknapp méiglech wär. Hei kënne Kanner ënnert der Begleedung vun Sportseducateuren vill verschidde Sportaarten ouni Leeschtungsdrock kenne léieren. De Schäfferot freet hei d'Sportskommissioun fir méi Informatiounen / Detailer zum Projet ze kréien fir eng Decisioun ze huelen.
3. **Sportkomplex:** Anscheinend soll an den nächsten Joren ee groussen Sport Komplex um Gebitt vun der Gemeng Helperknapp entstoen. De Schäfferot deelt mat dat et aktuell nach ze fréi ass fir d' Detailer zum Projet ze ginn, well nach net all Detailer gekläert sinn. Esoubal d' Informatiounen zum Projet zesummefonnt sinn, kritt d' Kommissioun dëst matgedeelt.
4. **Public Viewing Europameeschterschaft am Fussball:** De Schäfferot freet d' Kommissioun fir een Avis zu dësem Thema ze ginn. D' Propose wär, dat d' Gemeng d' Infrastrukturen an d' Material (Beamer, Leinwand, asw) zur Verfügung stellt an d' Veräiner kéinten ofwiesselend fir Iessen a Gedrénks suergen.
   D' Kommissioun huet laang iwwert dëst Thema diskutéiert:
   - Wou? Eventuell um Parking bei der Koll wou den Chrëschtmaart stattfonnt huet.
   - Wéini? Ab den ¼ Finallen oder ab den ½ Finallen?

   D' Kommissioun huet allerdéngs och Bedenken:

   - Wéi ass et mat der Konkurrenz vun den Nopeschgemengen (Miersch, ...)?
   - Interesse Konflikter tëscht de Veräiner? (wien kritt d' Finall?)
   - Sollt esou eppes net vun engem Fussballveräin organiséiert ginn?
   - Wéi grouss ass generell d' Interesse un esou engem Event?

   De Punkt bleift emol nach um Ordre du Jour.
5. **Fitnessparcours:** De Schäfferot freet och hei d' Kommissioun fir een Avis. Et sinn zwee Fitnessparcoursen an der Gemeng geplangt. D' Fro ass wéi déi Parcoursen kéinten ausgesinn. D'Sportskommissioun kritt heifir nach d' Kadasterpläng geschéckt wou d' Parcoursen sollen hikommen.

Nächst Reunioun ass nach net festgesat ginn. Den Benoît schéckt eis nach eng Propose fir een Datum.

Pierre Reuter

Sekretär Sportskommissioun